ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29. September 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Zu Wuelmereng an zu Däitsch-Oth, wou d'CFL, also de Lëtzebuerger Staat, zwee Zuchquaie gebaut huet fir déi franséisch Frontalieren, gëtt et säit iwwert enger Woch owes kee Stroum op de Quaien. Dee gouf vun de franséischen Autoritéiten ofgespaart.

An deem Zesummenhank hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Leien dem Här Minister Informatioune vir, firwat déi franséisch Autoritéiten op dëse Quaien owes de Stroum ofgespaart hunn?
2) Sinn déi Lëtzebuerger Autoritéiten iwwer dës Decisioun informéiert ginn?
3) Ass den Här Minister bzw. d'Direktioun vun den CFL intervenéiert, fir dëse Problem ze léisen?
4) Koum et duerch dës Decisioun zu Tëschefäll op de Quaien?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742